# De Bierger

BIERGER INITIATIV
GEMENG DIPPECH

Le journal des citoyens de la commune de Dippach - D'Zeitung vun de Bierger aus der Gemeng Dippech

www.biergerinitiativgemengdippech.lu N°1 • 2022


## BUDGET 2022

# LUXUSPROJETEN AN EXORBITANT AUSGABEN

De Gemengebudget fir d'Joer 2022 ass ëm 21 % par Rapport zum Virjoer geklommen. **Mat iwwer 27 Milliounen Euro** sinn déi extraordinär Ausgaben sou héich wéi nach ni virdrun an der Geschicht vun eiser Gemeng.

Dëst ass besonnesch kritesch an der aktueller Zäit, bedenkt een, dass eis Gemeng zu 84% finanziell vum Staat ofhängeg ass iwwert den FDGC (Fonds de dotation globale des communes). Wëll déi staatlech Subventiounen awer un d'Awunnerzuel gebonne sinn, spekuléiert de Schäfferot ëmmer nees op eng méi héich Zuel vun Awunner fir sou säi Budget ze finanzéieren.

Dass dowéinst awer eis Infrastrukturen (Waasser- a Kanalreseau, Schoul, Verkéier an aner Infrastrukturen) ëmmer nees un hir Limite kommen a vergréissert musse ginn, gëtt bewosst ignoréiert. Zanter Joren bedreift de Schäfferot eng reegelrecht Schéimolerei.

Wat de Schäfferot net seet ass, dass no nëmme 4 Joer déi nei Schoul zu Schuller schonn ze kleng ass an dofir fir iwwer 7.5 Millionnen Euro vergréissert muss ginn. Dat selwecht ass och bei der Maison Relais de Fall. Dem Schäfferot seng Kuerzsiichtegkeet ass flagrant.

Wéi wann et domat net géif duergoen, baut de Schäfferot elo am Ausgang vu Schuller op enger geféierlecher Plaz (Rue de Dahlem) eng **Naturcrèche** déi och nees vun der Croix Rouge geleet soll ginn, obwuel och hei de Gemengerot nach net doriwwer informéiert a consultéiert ginn ass. Dëse Projet gouf souguer am Gemengerot vun enger LSAP-Conseillère kritiséiert an als Luxusprojet bezeechent. Eleng d'Baukäschten heifir: **4,48 Milliounen Euro**.

Aplaz wichteg Sujeten unzegoen wéi de soziale Wunnengsbau an d'Verkéiersproblematik an eiser Gemeng, baut de Schäfferot léiwer Luxusprojeten. D'Prioritéite ginn hei kloer verkannt.

### De Schuller Park: E Milliounelach

Ee Joer virun de Walen gëtt zu Schuller net nëmmen fir Milliounen de Park vergréissert, mee et gëtt och nach schnell e **Kulturhaus** fir **8 Milliounen Euro** gebaut. Dass dofir den Dippecher Centre culturel ofgerappt a net ersat gëtt, ass fir eis inakzeptabel.

Donieft baut de Schäfferot och zu Schuller am Park e **Pavillon-Restaurant**. Dëse Commerce wäert der lokaler Restauratioun Konkurrenz maachen an de Schäfferot verstoppt bis haut dem Gemengerot, wien iwwerhaapt d'Gerance dovun iwwerhuele soll. Baukäschten: **2,65 Milliounen Euro**.

Mir stelle fest, dass dem Schäfferot seng Milliouneninvestissementer sech bal all op Schuller beschränken wärend déi aner Dierfer eidel ausginn.

De Schuller Park gëtt d'Denkmal vun dëser Majoritéit. Dass et sech hei awer ëm e Milliounelach am zweestellege Beräich handelt dat ëmmer méi grouss gëtt, seet de Schäfferot net.

**Dëser Deeg am Schuller Park / Ces jours-ci dans le parc à Schouweiler**




| Dépenses extraordinaires | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 |
|---|---|---|---|---|---|
| Budget | 7.310.489 | 7.693.410 | 12.435.298 | 19.705.117 | ***27.064.560*** |

## BUDGET 2022

# *PROJETS PRESTIGIEUX ET DÉPENSES EXORBITANTES*

*Le budget communal a augmenté de 21% par rapport à l'an dernier. Avec **27 millions d'euros**, les dépenses extraordinaires sont à un niveau jamais atteint auparavant.*

*Or 84% des recettes communales proviennent de l'Etat (Fonds de dotation globale des communes) et varient en fonction de la croissance démographique. Raison pour laquelle les responsables communaux misent sur une augmentation constante de la population locale pour financer ainsi leur budget de plus en plus dispendieux.*

*Que ceci ait pour conséquence que les infrastructures (réseau d'eau et de canalisation, école, réseau routier et autres) doivent continuellement être adaptées et agrandies ne semble pas inquiéter les responsables communaux.*

*Quatre ans après son achèvement, la nouvelle école à Schouweiler est déjà trop petite pour accueillir tous les élèves. Elle sera finalement agrandie pour un budget de 7,5 millions d'euros comme d'ailleurs la Maison Relais. Par ailleurs, les responsables communaux construisent pour **4,48 million d'euros** une **Crèche naturelle** à Schouweiler. Or l'endroit retenu par le collège échevinal n'est absolument pas adapté car situé à la sortie du village sur une route très fréquentée (rue de Dahlem).*

*Au lieu d'investir dans des logements abordables et de résoudre les multiples problèmes liés au trafic routier dans notre commune, le collège échevinal préfère investir dans des projets de prestige dont nous mettons en cause l'utilité et sans en anticiper les conséquences*

*A notre avis les priorités sont mal définies .*

### Le parc à Schouweiler : Un gouffre financier

*Un an avant la prochaine échéance électorale, le parc municipal est non seulement agrandi pour des millions d'euros, mais il est également prévu d'y construire un **centre culturel** inadapté pour un montant de **8 millions d'euros** ainsi qu'un **pavillon-restaurant** pour **2,65 millions d'euros**.*

*Les investissements du collège échevinal se focalisent presque tous sur Schouweiler tandis que nos autres villages sont oubliés voire négligés .*

*Il nous paraît d'ailleurs inacceptable que le centre culturel de Dippach soit démoli et non remplacé.*

*Le parc de Schouweiler est censé devenir le projet phare de l'actuelle majorité politique. Or en réalité, il s'agit d'un gouffre financier qui ne cesse d'augmenter.*

# Virwuert

*Léif Matbiergerinnen a Matbierger,*

Zanter d'Biergerinitiativ am Gemengerot vertrueden ass, versiche mir iech sou objektiv wéi méiglech iwwert déi lokalpolitesch Aktualitéit z'informéieren. Mir hu näischt ze verstoppen an hunn bis ewell schonn op eng Hellewull vun Dysfonctionnementer opmierksam gemaach. Mëttlerweil missten déi meescht Bierger erkannt hunn, wat wierklech an der Gemeng leeft. Dass dowéinst verschidde Politiker net frou mat eis sinn, ass verständlech. Et ass awer nu mol d'Aufgab vun der Oppositioun fir Saachen ze hannerfroen an ze kritiséieren.

Als Biergerinitiativ si mir awer och dacks Initiator vu Propositiounen, déi mir am Virfeld zesummen mat de Bierger ausgeschafft hunn. Schliisslech vertriede mir eenzeg an eleng d'Interesse vun alle Bierger.

Déi lescht Zäit stelle mir awer fest, dass der aktueller Majoritéit sou lues d'Energie ausgeet. Den Ausbau vum Schuller Park mat sengem Pavillon a Kulturhaus kascht de Gemengebudget Milliounen. Dëst sinn an eisen Aan Luxusprojeten wëll et méi wichteg an urgent Sujeten ginn, déi direkt behandelt misste ginn.

No iwwer 10 Joer LSAP-DP Majoritéit ass de Verkéier nach ëmmer en ongeléiste Problem an eiser Gemeng. Donieft fanne vill jonk Leit wéinst deenen héije Präiser um Marché keng eege Wunneng. Och eis Senioren mussen dacks Joren op eng Plaz an enger Pfleegestruktur waarden.

Dës wichteg Sujeten gi net thematiséiert an un der Situatioun vun eise Matbierger huet sech déi lescht Jore net vill verbessert.

Ëmmer méi Leit ënnert iech kënne sech och net méi mam Schäfferot senger Politik identifizéieren. Souguer Conseilleren vun der Majoritéit kritiséieren an ëffentleche Sëtzungen, dass si vu verschiddene Projete net iwwerzeegt sinn an eenzeg an eleng aus Parteizwang matstëmmen.

Als Bierger kënne mir ëppes beweegen. Zesummen kënne mir eppes änneren. Engagéiert iech dofir an der Biergerinitiativ an hëlleft mat ären Iddien eis Gemeng op d'Zukunft virzebereeden.

**Sven SCHAUL**
President vun der Biergerinitiativ

# *Préface*

*Chères concitoyennes, chers concitoyens,*

*Depuis que la Biergerinitiativ (Initiative citoyenne) est représentée au conseil communal de Dippach, nous nous efforçons de vous informer le plus objectivement possible de l'actualité politique locale. Jusqu'à présent, nous avons mis en lumière un bon nombre de dysfonctionnements. Ainsi la plupart d'entre vous ont pu se faire leur propre opinion. Que ceci déplaise à certains de nos opposants politiques est légitime. En effet, nous n'avons rien à cacher. C'est le devoir de tout groupe d'opposition de remettre en question certaines décisions.*

*En tant que Biergerinitiativ, nous sommes cependant assez souvent à l'initiative de propositions qui auparavant ont été élaborées dans nos réunions citoyennes. Votre intérêt est notre seule et unique motivation.*

*Ces derniers temps, nous constatons que le grand élan de l'actuelle majorité politique est en train de s'essouffler. L'agrandissement du parc municipal avec ses dépendances à Schouweiler s'avère être un gouffre financier. Nous remettons en cause l'urgence et l'utilité de plusieurs projets de prestige.*

*Au bout de 10 ans de coalition du LSAP-DP, le trafic routier reste toujours un problème majeur non résolu. Par ailleurs les prix du marché immobilier rendent l'accès à la propriété quasi impossible à certaines personnes notamment les jeunes. Enfin nos Seniors doivent subir des années d'attente pour être admis en structure d'accueil pour personnes âgées.*

*Tous ces sujets primordiaux ne sont pas traités et la situation de nos concitoyens ne s'est pas améliorée. Nombreux sont ceux parmi vous qui n'arrivent plus à s'identifier aux décisions politiques du collège échevinal. Certains conseillers de la majorité remettent eux-mêmes en question l'utilité de certains projets et indiquent n'apporter leur vote que par contrainte partisane.*

*En tant que citoyens, nous pouvons faire bouger les choses. Ensemble nous pouvons les changer.*

*C'est pourquoi je vous invite à rejoindre la Biergerinitiativ et à nous aider à préparer le futur de notre commune.*

***Sven SCHAUL***
*Président de la Biergerinitiativ*







# D'Biergerinitiativ am Déngscht vun de Bierger

D'lescht Joer hat d'Biergerinitiativ op zwou Informatiounsversammlungen zu Betten an Dippech invitéiert, fir zesummen mat de Bierger no Léisungen a punkto Verkéier ze sichen. Vill Leit waren eiser Invitatioun nokomm. Eis Gemeng erstéckt nämlech ëmmer méi am Verkéier an d'Liewensqualitéit souwéi d'Sécherheet vun den Awunner hëlt vun Dag zu Dag of ouni dass eppes ënnerholl gëtt.

Viru Kuerzem hat d'Biergerinitiativ eng Entrevue am Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten. Dëst nodeems mir virdrunn eng Hellewull vu Virschléi am Gemengerot gemaach hunn, wéi ee kuerz- a mëttelfristeg de Verkéier an eisen Dierfer reduzéiere kann:

- **eng Zone 30 an der *Rue de Dippach* a *Rue du Château*;**
- **Zebrasträifen an 3D a Ralentisseuren;**
- **Shared Space Zone virum Centre culturel zu Betten.**

Leider hunn deemools d'LSAP, DP an CSV géint eis Virschléi gestëmmt, déi an eiser Biergerversammlung festgehale gi sinn.

Dass grad elo eng DP an hirem leschte Flyer (Dippecher Demokrat; Mäerz 2022) behaapt, si géif sech fir eng Verkéiersberouegung an eiser Gemeng staark maachen, ass dann awer schonn un Demagogie an Hypokrisie net méi z'iwwertreffen. Wat huet déi Partei dann déi lescht 10 Joer am Schäfferot erreecht? Huet sech iergend eppes verbessert?

# *La Biergerinitiativ au service des citoyens*

*L'an dernier, la Biergerinitiativ a organisé deux réunions citoyennes à Bettange-sur-Mess et Dippach. Nombreux étaient les citoyens qui ont répondu à notre invitation pour trouver des solutions aux nuisances provoquées par le trafic routier dans notre commune.*

*La qualité de vie et la sécurité de nos concitoyens se dégradent de jour en jour et rien n'est entrepris pour y remédier.*

*Récemment la Biergerinitiativ a été reçue au Ministère de la Mobilité et des Travaux publics. Et ce après avoir proposé au conseil communal plusieurs mesures d'apaisement et de réduction du trafic routier à savoir:*

- ***La création d'une zone 30km/h dans la rue de Dippach et rue du Château;***
- ***La création de passages-piéton colorés en 3D et l'installation de ralentisseurs de vitesse à faibles nuisances sonores;***
- ***Création d'un espace partagé (Shared Space) devant le centre culturel à Bettange-sur-Mess.***

*Malheureusement nos propositions retenues lors de nos réunions citoyennes ont toutes été rejetées par les autres partis politiques.*



# Contournement Dippech-Gare nees no hanne verréckelt

Déi lescht Jore gouf de Contournement vun Dippech-Gare ëmmer nees no hanne verréckelt an d'Bierger goufen ëmmer nees vertréischt. Op enger Biergerversammlung mam Minister huet et d'lescht Joer nach geheescht, dass de Contournement dëst Joer am Fréijoer kéint gebaut ginn. Dëst ass awer elo nees net de Fall. Eréischt am Hierscht soll mam Bau kënnen ugefaange ginn.

Eis Gemeng schéngt keng Prioritéit fir d'Nationalpolitik ze sinn, an dat obwuel ee vun eise Schäffen gläichzäiteg Deputéierten ass an eigentlech e gudden Drot zu senge Parteikolleegen an der Regierung misst hunn. Dobäi kënnt, dass dee fir de Contournement Dippech-Gare verantwortleche Beamten bei Ponts & Chaussées och nach aktive Member an der Dippecher LSAP ass.

Wéi ass et also méiglech, dass trotz sou gutt placéierte Leit de Contournement Dippech-Gare einfach net virukënnt?

# *Contournement de Dippach-Gare: Nouveau Retard*

*La construction du contournement de Dippach-Gare a été reportée à maintes reprises ces dernières années et ce, malgré les promesses faites par les politiques. Selon le ministre concerné, les travaux auraient dû débuter ce printemps. Cependant nous venons d'apprendre que le chantier est de nouveau reporté à l'automne prochain. Nous déplorons que notre commune ne semble pas être une priorité nationale.*

*Rappelons que l'un des échevins de Dippach occupe simultanément sa fonction avec celle de député et devrait, à ce titre, avoir des rapports privilégiés avec les membres de son parti siégeant au gouvernement. De surcroît, le responsable du projet du contournement auprès des Ponts & Chaussées joue également un rôle actif au sein du LSAP de Dippach.*

*Comment est-il possible que malgré des acteurs de premier plan, le chantier du contournement de Dippach-Gare enchaine les retards?*

## EIS VERTRIEDER AN DER GEMENG



**Sven SCHAUL**
Gemengeconseiller
Member vun der Chancëgläichheetskommissioun
*Conseiller communal*
*Membre de la commission de l'égalité des chances*



**Gaby BECKER**
Member vun der Intergenerationskommissioun
*Membre de la commission intergénérationnelle*



**Amin CHENTITE**
Member vun der Kultur- a Sportskommissioun
*Membre de la commission culturelle et de la commission des sports*



**Romain FOLSCHETTE**
Member vun der Integratiounskommissioun
*Membre de la commission de l'intégration*



**Mandy KEIL**
Member vun der Schoulkommissioun
*Membre de la commission scolaire*



**Josy KIRSCH**
Member vun der Ëmweltkommissioun
*Membre de la commission de l'environnement*

## NOS REPRÉSENTANTS DANS LA COMMUNE



**Romain SCHEUREN**
Gemengeconseiller
Member vun der Bautekommissioun
*Conseiller communal*
*Membre de la commission des bâtisses*



**Jean-Claude LUCIANI**
Member vun der Archivekommissioun
*Membre de la commission des archives*



**Gerry SCHMIT**
Member vun der Verkéierskommissioun
*Membre de la commission de la circulation*



**Herwig TEMMERMANN**
Member vun der Finanzkommissioun
*Membre de la commission des finances*



**Fabrice TORINO**
Member vun der Integratiounskommissioun
*Membre de la commission de l'intégration*

**NEWS**

www.biergerinitiativgemengdippech.lu







# Zu Dippech solle sämtlech Parkplazen verschwannen

Zanter Jore setze mir eis als Biergerinitiativ dofir an, fir dass Trottoiren zu Dippech erneiert a securiséiert ginn.

Am Joer 2019 huet d'Buergermeeschtesch op RTL versprach, dass d'Trottoiren 2020 reamenagéiert ginn. Bis haut huet sech näischt gedoen.

Dëse Sujet hu mir wärend eiser leschter Entrevue am Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten debattéiert. Do si mir awer gewuer ginn, dass an den nächste Joren all d'Parkplazen op der Haaptstrooss (N5) suppriméiert ginn. An dat vum Rond-point bis an den Dippecher Bierg. Laut Ponts & Chaussées solle laanscht d'Strooss keng Autoe méi parken. Domat kommen awer grouss Changementer op déi betraffe Bierger zou. Et ass dofir ëmsou méi erstaunlech, dass d'Gemeng Dippech d'Bevëlkerung bis haut nach zu kengem Moment iwwert dëse Projet informéiert huet. Wou sollen déi betraffe Bierger an Zukunft parken? Huet de Schäfferot och hei nees wëlles bis op de leschte Stëppel ze waarden bis d'Katz aus dem Sak gelooss gëtt?

Mir setzen eis dofir an, dass neie Parkraum fir déi betraffen Awunner geschaaft gëtt. Dës Parkplaze mussen awer reservéiert bleiwen fir d'Leit déi do wunnen.

# *Suppression des places de stationnement à Dippach*

*Depuis des années, nous réclamons en tant que Biergerinitiativ le renouvellement et la sécurisation des trottoirs à Dippach.*

*En 2019, la bourgmestre a pris l'engagement sur RTL que les trottoirs seraient réaménagés en 2020. Jusqu'à présent, rien n'a été fait.*

*Ce sujet a été abordé lors de notre entrevue au Ministère de la Mobilité et des Travaux publics. C'est ainsi que nous avons appris que les places de stationnement le long de la route de Luxembourg à Dippach (N5) seront supprimées ces prochaines années. Et ce du rond-point jusqu'à la descente de Dippach. Selon les responsables des Ponts & Chaussées, plus aucune voiture ne devrait se garer le long de la route.*

*Ceci constitue un changement important pour les riverains. D'autant plus qu'à aucun moment, la commune de Dippach n'a estimé devoir en informer la population.*

*Où les riverains iront-ils garer leurs véhicules?*

*Nous demandons à ce que des nouvelles places de stationnement soient créées et que ces places soient réservées aux riverains.*

# Changementer zu Schuller

Och zu Schuller wäerten Changementer kommen. Sou soll laut Ponts & Chaussées eng Zone 30 vun der Pizzeria op der Haaptstrooss bis bei d'Tankstell kommen.

Déi selwecht Zone 30 soll dann och an der *Rue de l'Eglise* entstoen. D'Pläng dofir leie scho fäerdeg um Ministère.



# *Changements à Schouweiler*

*Des changements sont également prévus à Schouweiler. Selon les Ponts & Chaussées, l'aménagement d'une zone 30km/h serait prévu entre la pizzeria et la station-service (route de Longwy).*

*Selon les plans que nous avons pu consulter au ministère, une telle zone à vitesse réduite serait également prévue dans la rue de l'Eglise.*

### PERSONALGESTIOUN OP DER GEMENG

# Les copains d'abord?

D'Gestioun vum Personal op der Gemeng werft ëmmer méi Froen op. Reegelméisseg demissionéiere motivéiert Leit déi dann ersat musse ginn. Problematesch ass awer wéi verschidde Situatiounen vum Schäfferot traitéiert ginn. Mëttlerweil beschäftegt sech souguer den Inneministère mat engem Fall fir dee sech de Schäfferot elo erkläre muss.

Sou huet de Ministère bei senger alljärlecher Kontroll festgestallt, dass de Schäfferot e Mataarbechter vun enger Carrière A3 (Agent polyvalent) an eng H3 (Handwierker) avancéiert huet, fir déi een en CATP oder DAP brauch. Laut Inneministère erfëllt dee betraffene Mataarbechter d'Konditiounen fir eng H3-Carrière awer net. Niewebäi sief bemierkt, dass dëse Poste net ausgeschriwwe war an de Schäfferot déi Persoun och als „Chef de File" ernannt huet.

Mir stellen eis dacks d'Fro, no wéi enge Critèren de Schäfferot seng Preselektioun ënnert de Kandidate mécht? Ëmmer nees melle sech nämech gutt ausgebilte Leit mat enger kompletter Formatioun (Gemengenexamen) a gi net zeréckbehalen, wëll de Schäfferot mengt, aner Kandidaten, déi net onbedéngt déi néideg Formatioun hunn, géife besser op verschidde Poste passen.

Obwuel kierzlech eng Hellewull ausgebilte Kandidaten sech op e fräie Posten gemellt hunn, gouf zum Schluss awer eng Persoun zeréckbehalen, wou mir eis froen, op hei d'Parteikaart eng Roll bei der Selektioun gespillt huet?

Dat kann net sinn!




### *LA GESTION DU PERSONNEL COMMUNAL*

# *Les copains d'abord?*

La gestion du personnel soulève des questions. Régulièrement des collaborateurs motivés démissionnent et doivent par conséquent être remplacés. Le traitement de certaines situations par le collège échevinal est problématique au point que le Ministère de l'Intérieur s'est saisi d'un dossier pour lequel le collège échevinal est maintenant contraint de s'expliquer.

Lors de son contrôle annuel, le Ministère a constaté que le collège échevinal a proposé à l'avancement un agent communal d'une carrière A3 (agent polyvalent) au profit d'une carrière H3 (artisan) pour laquelle la détention d'un CATP ou DAP est requise. Or le Ministère a constaté que l'intéressé ne remplissait pas cette condition. Par ailleurs, nous notons que le poste n'a pas été publié et que l'intéressé a également été de plus nommé «Chef de file».

Par ailleurs et concernant un autre recrutement au sein de l'administration, nous nous interrogeons sur les critères définis par les responsables communaux lorsqu'ils effectuent une présélection parmi tous les candidats?

Récemment un nombre important de candidats avec formation complète ont postulé pour un poste libre au sein de l'administration et n'ont pas été sélectionnés.

Quant au candidat finalement retenu aux motifs plus que surprenants, nous nous demandons si son adhésion à un parti politique a joué un rôle dans son recrutement?

Un tel fait serait inadmissible!

DENKMALSCHUTZ

# Eis Kierchen bleiwen am Duerf









Eis Kierchen souwéi Bauerenhäff gehéieren zu eisem lokale Patrimoine a prägen de ländleche Charakter vun eisen Dierfer. Schonn am Joer 2017 huet eise Gemengeconseiller Sven SCHAUL eng Demande bei Sites et Monuments eragereecht, fir dass d'Kierchen vu Betten, Dippech, Schuller a Sprénkeng ënner Denkmalschutz gestallt ginn.

Aus dësem Grond huet d'Kulturministesch am Joer 2020 en Avis vum Gemengerot gefrot. Deemools hunn awer d'LSAP, d'DP an erstaunlecherweis och eng CSV géint d'Klasséierung an domat géint eng Protektioun vun eise Kierchen gestëmmt. Mir hunn eis dofir als Biergerinitiativ beim Kulturministère staark gemaach, fir dass eis Kierchen trotzdeem ënner Denkmalschutz gestallt ginn.

Dank eisem Asaz ass dëst och geschitt. De Kulturministère huet dem Regierungsrot Enn 2021 virgeschloen, d'Kierchen vun Betten, Dippech, Schuller a Sprénkeng wéinst hirem architektoneschen an historesche Wäert ënner Denkmalschutz ze stellen.

Dëst Beispill beweist, dass eng dynamesch Oppositioun eppes fir eis Gemeng beweege kann. Dëst ënnerscheet eis awer och kloer zu der LSAP-DP-Majoritéit, déi aus ideologeschen a parteipolitesche Grënn dat maache mussen, wat hir Mammeparteien an der Stad fir eis Gemeng decidéieren.

Et ass dofir e Witz, dass grad eng DP an hirem leschte Flyer (Mäerz 2022) behaapt, si géif sech fir den Erhalt vum ländleche Charakter asetzen. Ass et net dës Partei, déi mat hirem Koalitiounspartner zanter Jore mam Bagger duerch eis Gemeng fiert an op ville Plazen Lotissementer autoriséiert, déi net an d'Landschaftsbild passen, mee éischter un e Mini-Kierchbierg erënneren?


LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

RECOMMANDEE + AR

Luxembourg, le 17 SEP. 2021

Biergerinitiativ Gemeng Dippech a.s.b.l.
Monsieur Sven Schaul
[redacted] Dippach

Concerne : protection nationale des églises sur le territoire de la Commune de Dippach ; votre courrier daté du 28 juin 2021


Monsieur,

Suite à votre courrier précité concernant les églises sur le territoire de la Commune de Dippach, j'ai l'honneur de vous informer que les immeubles en question ont été classés monument national par arrêté ministériel du 11 février 2021.

Tous les effets de classement s'appliquent de plein droit aux immeubles concernés. Cette décision de classement devra être confirmée par le Conseil de Gouvernement dans les douze mois qui suivent l'arrêté ministériel.

Veuillez agréer, Monsieur, mes salutations distinguées.

Sam Tanson,
Ministre de la Culture


Service des sites et monuments nationaux

REÇU LE 20/02/2018

Luxembourg, le 16 FEV. 2018

Monsieur Sven Schaul
[redacted] Dippach

Concerne : église de Bettange-sur-Mess, église de Dippach, église de Schouweiler et église de Sprinkange; votre demande de protection nationale

Monsieur,

Par la présente j'accuse réception de votre lettre du 6 décembre 2017, par laquelle vous demandez la protection des églises citées sous rubrique, en vertu de la loi modifiée du 18 juillet 1983 concernant la conservation et la protection des sites et monuments nationaux.

Tout en vous remerciant de votre intérêt pour la sauvegarde de notre patrimoine architectural, je peux vous informer que les dossiers sont en voie d'examen.

Vous serez tenu au courant des suites de la procédure.

Veuillez agréer, Monsieur, mes salutations distinguées.

Patrick Sanavia,
directeur

Adresse:
26, rue Münster
L-2160 Luxembourg
www.ssmn.public.lu

Tél.: (+352) 247-86650
Fax: (+352) 46 17 79

VERSCHWENDUNG VUN ËFFENTLECHE GELDER

# Wer hat noch nicht, wer will noch mal?

Ëmmer nees stelle mir als Oppositioun fest, dass de Schäfferot horrend Zommen fir Kaddoen an ëffentlech Fester ausgëtt.

Leider huet d'Pandemie dozou gefouert, dass verschidde Festivitéiten hu missten annuléiert ginn. Dëst ass awer fir eis Gemengeféierung kee Problem. Sou ginn déi Fester einfach nogeholl. D'Chrëschtfeier fir eis Senioren fënnt dëst Joer am Juni statt an och d'Gemengepersonal däerf am Summer nach emol Chrëschtdag feieren.

D'Generositéit vum Schäfferot huet keng Grenzen an och d'Parteikolleegen gi net vergiess. Sou huet de Schäfferot scho mol an der Vergaangenheet Kaddoen fir d'Gemeng direkt bei der Gesellschaft vun engem DP-Conseiller kaf, deen do Associé ass. Do kritt de Begrëff „Commerce de proximité" eng ganz aner Bedeitung. Dëst ass awer verbueden.

Ëmmer méi Leit duerchblécken mëttlerweil dat Spillchen.

Dëst geet souwäit, dass souguer den Inneministère intervenéiert ass a reegelméisseg dem Schäfferot seng Gestioun vun der Gemeng kritiséiert a verschidden Ausgaben a Fro stellt. Sou kritiséiert den Inneministère a sengem Rapport, dass de Schäfferot engem lokale Club 15.000 € Subside ausbezuelt huet obwuel de Staat schonn déi selwecht Déngschtleeschtung integral bezuelt huet.

Och bei der Vollekszielung huet de Schäfferot dem Gemengerot proposéiert, fir de Vollekszielungsagenten eng **zweete** Kéier hir Indemnisatioun auszebezuelen.

Hei ginn ëffentlech Gelder massiv zur Fënster geheit. **Wat soll domat erreescht ginn?**

# Héichwaasserschutz an eiser Gemeng ass „Privatsaach"

Vill Bierger ware leschte Summer vum Héichwaasser betraff. Dass zum Deel Stroossen iwwerschwemmt waren huet awer och domat ze dinn, dass de Kanalsreseau an der Gemeng veraalt a plazeweis ze kleng a futti ass. Dëst kënnt doduerch, dass déi lescht Joren iwwerall Lotissementer autoriséiert gi sinn ouni dass d'Kanalisatioun ugepasst ginn ass. Bei normalem Reen ass de Reseau schonn iwwerlaascht.

De Problem ass zanter Jore bekannt, mee näischt gouf ënnerholl. Et ass méi populär fir Luxusprojeten ze bauen amplaz en Deel vun dësem Geld an d'Erneierung vun der Kanalisatioun z'investéieren. Hei kommen déi nächst Jore massiv Investissementer op eis duer.

Als Biergerinitiativ gesi mir hei ganz kloer d'Gemeng an der Verantwortung. Dofir hu mir och konkret Mesuren fir Betten, Schuller a Sprénkeng am Gemengerot proposéiert. Dës goufen awer alt nees vun der Gemengeféierung verworf. Erstaunlech ass et schonn, dass de Schäfferot den Héichwaasserschutz als Privatsaach gesäit. Sou goufen déi betraffe Bierger encouragéiert, fir op hir eege Käschten hier Haiser géint Héichwaasser ze schützen. Der Gemeng hire Subside fir Privatleit bréngt awer keng global Léisung. Hei gëtt nees verkannt, dass Héichwaasserschutz um Privatterrain mat ganz héijen Investissementer verbonnen ass (dacks am fënnefstellege Beräich), déi vill Leit sech net leeschte kënnen.





## NEWS

www.biergerinitiativgemengdippech.lu

IMPRESSUM:
Biergerinitiativ Gemeng Dippech a.s.b.l.

**Ënnerstëtzt eis!**

D'Biergerinitiativ lieft nëmmen vun der Ënnerstëtzung vun hire Matbierger. Gidd dofir aktive Member an der Biergerinitiativ a beräichert eis mat ären Iddien a Proposen. Dir kënnt eis och finanziell mat enger Éierememberskaart vu min. 10 € ënnerstëtzen. **Kontosnummer: BCEE LU56 0019 5155 0538 2000**

**Soutenez-nous!**

La Biergerinitiativ a besoin du soutien de ses concitoyens. Rejoignez la Biergerinitiativ et partagez avec nous vos idées et propositions. Vous pouvez également nous soutenir financièrement moyennant une carte d'adhérent d'un montant min. 10 €.

**Numéro de compte: BCEE LU56 0019 5155 0538 2000**

**Dës Publikatioun ass integral duerch d'Cotisatiounen finanzéiert. Cette publication est intégralement financée par les cotisations.**

Besicht eis op Facebook: **Biergerinitiativ Gemeng Dippech**